fnel scouts & guides

SCOUTING IN LUXEMBOURG

Lëtzebuerger Guiden a Scouten

WSJ 2023 Materialslëscht – Empfehlung

Wichteg Dokumenter (am Handgepäck!)

- ☐ **Pass (gülteg bis den 1.2.2024 minimum) AN Kopie vum Pass!**
- ☐ **ausgedruckten k-ETA**
- ☐ **CNS Kaart, Impfkaart an zousätzlech Versecherungen (falls virhanden) ODER Kopien heivun**
- ☐ Medikamenter an Autorisatioun vum Dokter (Englesch)
- ☐ Kreditkaart (Visa an Mastercard)

Handgepäck (fir mat an de Fliger)

Keng Flëssegkeeten iwwer 100ml, keng Messeren a spatz Géigestänn

- ☐ **PicNic fir mëttes zu Frankfurt an am Fliger**
  Frëscht Uebst/Geméis a Fleesch muss virun der Landung zu Seoul alles giess ginn. Et duerf een dëst net mat ran an d'Land brengen. Verpaakten Liewensmëttel (Kichelcher, Protein bars asw. sinn kee Problem)
- ☐ **Uniform a Foulard (Uniform musst dir während dem Fluch net unhunn)**
- ☐ Gemittlech Kleeder an Ersatzkleeder (virun allem Ennerwäsch) falls et Problemer gëtt mam Vol
- ☐ **Bidon, mindestens 750ml (eidel fir d'Secherheetskontroll um Flughafen)**
- ☐ Brëll, Sonnebrëll, Kontaktlënsen
- ☐ Elektresch Geräter (Handy, Ipod asw. De CMT iwwerhëllt keng Verantwortung falls eppes futti fiert)
- ☐ Powerbank, Kopfhörer, Handykabel
- ☐ Këssen, Ouerestëpp

Grousse Rucksaak (keng Valise!)

Dëssen huet maximal 23kg an gëtt beim Départ gewiehen.
Am bäschten paakt dir den Rucksaak an en sougenannten flight bag, deen dir an all Outdoorshop an online fannt. Et hängt NAICHT ongeschützt baussen um Rucksaak.
Numm, Virnumm an errechbar Telefonsnummer (mat Virwahl) mussen siichtbar baussen um Rucksaak stoen.
Am grousse Gepäck sinn keng elektresch Geräter, Batterien, Powerbank'en an Wäertsachen!

<u>Kleeder</u>

- ☐ **Reenjacket**
- ☐ Strëmp an Ennerwäsch
- ☐ T-shirts, Tops
- ☐ dënnen longsleeve aus dënnem Stoff oder Leinen géint d'Sonn
- ☐ Short/kuerz Box

- ☐ Lang Box

- ☐ Pullover oder dënn Jacket (eg. Fleece, Softshell)
- ☐ Pyjama
- ☐ sportlech Schung wou ee gutt dran geet (kuerz Wanderschung, Sportschung,..)
- ☐ Fräizaitschung (Sneaker, Sandalen,..)
- ☐ Wasserschung
- ☐ Maillot oder Schwammbox (kee Bikini)
- ☐ **Kaap oder Sonnenhutt**
- ☐ Rack, Hiem oder Outfit fir an de Restaurant (Norees!)

Wäschsaachen

- ☐ 2 Bueddicher (am bäschten Mikrofaser, drëschnen séier)
- ☐ Nuesschnappecher
- ☐ Zännbischt an Zahnpasta
- ☐ Duschgel a Shampoo
- ☐ Deo
- ☐ **Sonnecrème (LSF 30 oder 50)**
- ☐ Reserve Medikamenter (mat Attestation wann néideg)
- ☐ Neelpëtz oder – feil
- ☐ Kämmbischt
- ☐ **Mustiken/Méckenschutz Spray (tropical, DEET >30)**
- ☐ Wutzen, Spengelen, Hoerband
- ☐ Labello an Fichtegkeetscrème
- ☐ Lënsenwaasser a Spiggel
- ☐ Raséierschaum a Gilette
- ☐ Tampons, Binden
- ☐ Desinfectiounsmëttel
- ☐ Wäschmettel (zB. Rei in der Tube)

Campingsmaterial

- ☐ **Schlofsaak (Komfortberäich 10-15 Grad Celcius)**
- ☐ **Carrymatt (um Camp kréie mir e Schaumstoffbuedem an d'Zelt)**
- ☐ Këssen
- ☐ Housse fir dreckeg Wäsch
- ☐ **Gamelle (just fir Participant a Leader)**
- ☐ **Broutdous oder réutilisablen foodwrap**
- ☐ **Besteck (just fir Participant a Leader)**
- ☐ **Becher**
- ☐ **Täscheluucht**
- ☐ Rouleau Toilettepapéier
- ☐ Täschemesser (maximal 76mm)
- ☐ Handprabelli

Fräizait

- ☐ Kaartespill

- ☐ Gadgets a Badger fir ze tauschen
- ☐ Bitzset fir Badger opzebitzen

Klima

An Südkorea ass Klima fiicht a warm. Am Daag ginn et gäeren iwwer 30 Grad Celcius bei enger Loftfiichtegkeet zwescht 80 an 95 %. Nuets faalen Temperaturen net ënner 20 Grad. Am August ass ausserdem Reenzäit a Korea an et kann zu Schaueren kommen. Sonneschutz an Reenjacket ass also absolut essentiell! Mir wëllen net, dass een muss heemgeschéckt ginn, well en net fir d'südkoreanescht Klima équipéiert ass!!

Dresscode

Um Jamboree kommen Guiden a Scouten aus iwwer 150 Länner an aus allen Kulturen zesummen.
Et gëllt also Respekt ze weisen an sech u folgenden Dresscode ze halen: NET bauchfräi, am Bikini oder torse nu iwwert Campplatz laafen.
Keng ganz knapp Shorten – Wann dir iech net secher sidd op et nach OK ass, dan loosst et doheem!

Alkohol an Drogen

Um WSJ gëllt Alkoholverbuet – souwuel fir d'mannerjähreg Participants wéi och fir d'Chef an IST. Et ass also verbueden am grousse Gepäck (oder aus dem duty free) Alkohol matzebréngen – och wann dir iwwer 18 Joer hutt!
D'Matféieren vun illegalen Substanzen wéi Cannabis, MDMA asw. Ass souwisou strengstens verbueden – an Europa ano ch doriwwer hinaus.
Sollt de CMT – oder d'Personal vun de Flughafenkontrollen Alkohol oder illegal Substanzen bei engem fannen féiert dëss zum direkten Réckfluch op Lëtzebuerg op är eegen Käschten!